

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,


esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Installatioun vu 5G geet virun, obwuel d'Fuerderunge vum Europarot a senger Resolutioun 1815 vu Mee 2011 a vum Europaparlament fir d'gesondheetlech Risike genee ze ënnersichen nach ëmmer net ëmgësat gi sinn. An deene leschte Joren hunn eng amerikanesch (2018) an eng italienesch Etüd (2019) nees festgehalten, datt Radiostralen am Frequenzberäich vun 3G, 4G a 5G duerchaus de Risiko, fir Kriibs ze kréien, kënnen erhéijen. Anerersäits gëtt et keng Etüd, déi seet, datt dës Strale keng Gefor fir d'mënschlech Gesondheet sinn.

Dozou wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wou ass Lëtzebuerg mat senger 5G-Infrastruktur drun? Wat sinn déi gréisste Flächen, déi zesummenhängend ofgedeckt ginn? A wéi vill Prozent vum Land funktionéiert 5G?
2. Ginn zu Lëtzebuerg och schonn déi méi héich 5G-Frequenzen am potenziell méi geféierleche Millimeter-Beräich genotzt? Bedeit de séieren a systemateschen Ausbau vu 5G zu Lëtzebuerg, datt d'Regierung keng Gefor fir d'Gesondheet vum Mënsch gesäit? Wéi eng gesondheetlech Etüden huet d'Regierung iwwee déi gesondheetlech Wierkunge vun deene geplangte Frequenzen?
3. Wéi vill vum Ausbau vun eisem 5G-Netz ass während der Zäit vu Corona 2020 - 2021 geschitt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten